N°46
Entrée le 27.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.11.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

An der Fro n°2848 hat ech schonn eng Rei Froen zu der Obligation légale de tampon gestallt. Eis gouf rezent zougedroen, dass eng Persoun hier Demande fir de Congé parentale refuséiert krutt, well si nach an der Proufzäit wier, obwuel dës Proufzäit scho virum Ufank vum Congé de maternité op en Enn geet. Dowéinst soll de Patron ee Bréiw erareeschen, dass d'Proufzäit fréizäiteg gestoppt gouf, fir dass déi betraffe Persoun hiere Congé parentale accordéiert ka kréien. Dëse Bréif soll mat enger Ënnerschrëft an engem Stempel vum Patron beglaawegt ginn. Vill Entreprisen hunn awer haut keng Stempele méi. Dowéinst soll am Bréif vun der Demande drageschriwwe ginn, dass de Patron kee Stempel huet an just mat senger Ënnerschrëft säin Accord gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann e Congé parentale refuséiert ginn, well déi betraffe Persoun nach zum Moment vun der Demande an der Proufzäit ass dëst obwuel d'Proufzäit virum Ufank vum Congé de maternité op en Enn geet?

2. Goufen zënter 2020 Demandë fir Congé parentale refuséiert, well op der Demande kee Stempel vum Patron war? Wa jo, wéi vill waren et der?

3. Huet zënter menger leschter Fro (n° 2848 )zu dësem Thema Base légale geännert oder wat sinn d'Grënn dofir, dass d'Zukunftskeess nach ëmmer ee Stempel freet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N°46
Entrée le 20.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äentwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil op d'parlamentaresch Fro N° 46 vum Här Deputéierte Sven Clement.**

**1**.

Wat de congé parental wärend enger Periode d'Essai ugeet, ass d'Gesetz kloer : « *Art. L. 234-48. Dans le cas d'un salarié lié par un contrat à durée indéterminée comportant une clause d'essai, le droit au congé parental ne peut prendre effet et le congé ne peut être demandé qu'après l'expiration de la période d'essai.* » Dat heescht, dass een an enger Periode d'Essai kee Congé parental kann ufroen a kréien. Sollt d'Periode d'Essai éischter op en Enn komm sin, da muss den Employeur dat zertifiéieren.

**2.**

Zënter 2020 goufe keng Demandë fir de Congé parental refuséiert well e Stempel gefeelt huet.

**3.**

D'Zukunftskeess freet e Stempel aus Sécherheetsgrënn ouni awer an iergendenger Form ze insistéiere wann deen een oder anere Patron keen huet, wat awer d'Ausnam ass.

Luxembourg, le 20.12.2023

Le Ministre de la Famille, des Solidarités du Vivre ensemble et de l'Accueil

(s.) Max Hahn